N°3626
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2026

Här President,

sou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.

Rezent Presseberichter hunn op eng Rei Problemer am Personalmanagement vun der Universitéit Lëtzebuerg higewisen, dorënner vermeintlech Dysfonctionnementer beim Rekrutement a bei Promotiounen. Zousätzlech ass vun engem problemateschen Aarbechtsklima rieds, dat net nëmmen zu Entloossungen a Plainte viru Geriicht geféiert huet, mee méiglecherweis och zu Transaktiounen, déi dozou kënnen déngen, laangwiereg juristesch Prozesser ze vermeiden.

An deem Kader wéilte mir follgend Froe stellen:

- A wéi ville Fäll ass an de leschten zéng Joer eng Transaktioun bei aarbechtsrechtleche Litigen tëschent der Universitéit Lëtzebuerg an hire Mataarbechter ofgeschloss ginn?
- Wéi héich waren d'Gesamtkäschte fir d'Universitéit Lëtzebuerg, inklusiv Affekotekäschten, Prozesskäschten an all d'Käschten am Zesummenhang mat Transaktiounen?
- Gëtt et intern Richtlinne fir d'Negociatioun vun Transaktiounen oder gëtt all Fall eenzel bewäert?
- Wéi eng Organer a Persoune gi fir d'Negociatioun vun dësen Transaktiounen consultéiert?
- Ginn d'Transaktiounen dem Verwaltungsrot vun der Universitéit Lëtzebuerg systematesch virgeluecht oder zur Kenntnis bruecht?
- Ass de Ministère informéiert oder implizéiert bei gréisseren Transaktiounen, besonnesch am Fall vu Management- oder Disziplinarfäll?

Mat déiwem Respekt

Liz Braz
Députée

Paulette Lenert
Députée



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu